N°2583
Entrée le 09.07.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 09.07.2025
Chambre des Députés

DEMOKRATESCH PARTEI
Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här Claude WISELER
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Lëtzebuerg, den 8 Juli 2025

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit weiderzeleeden:

„Duerch de Klimawandel leiden eis Bëscher, ganz besonnesch Dännebëscher. D'Zukunft schéngt an de sou genannte Mëschbëscher ze leien, an deene Beem wuessen, déi méi klimaresistent sinn.

An deem Kader wollte mir dem Här Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit follgend Froe stellen:

- Wéi huet sech de Gesondheetszoustand vun eise Bëscher an de leschte fënnef Joer entwéckelt?
- Wéi vill Fichtenholz ass an de leschten 10 Joer ofgeholzt ginn? Wéi vill Fichtenholz, dat vum Borkenkäfer befall war, konnt nach vun der Holzindustrie verschafft ginn?
- Konnten déi ofgeholzten Dännen- bzw. Fichtebëscher nees reboiséiert ginn? A wéi ville Fäll gouf op eng natierlech Reboiséierung zréckgegraff?“

Mat déiwem Respekt,

André BAULER
Deputéierten

Luc EMERING
Deputéierten